



NEWS

Mäerz 2019

Moien Wisel,

An dësem Bréif kriss du déi aktuellsten Neiegkeeten, wat d'Amicale vun de Wiselen betrëfft.

Mir probéieren, eis Memberslëscht op de neitste Stand ze bréngen a fréen eis, dech geschwënn erëm ze gesinn !



Wou a wéi fënns du eis ?

Eisen **Internetsite:** www.amicale-wiselen.lu (am Opbau, demnächst online)

Eis **Emailsadress:** amicale@mamerwiselen.lu

Eis **Facebook-Säit:** "Mamer Wiselen Amicale" – fir aktuell News an Aktivitéiten ze kucken

Eise **Facebook-Grupp:** "Mamer Wiselen Amicale" (fro ee vun de Memberen fir bäizetrieden)

WhatsApp

eng einfach Method, fir um neitste Stand ze bleiwen
(net fir ze kommunizéieren, soss gi mer dronken ☺)
Kontaktéier e Comitésmember per SMS fir bäizetrieden

"De Wisel" Zeitung

De Périodique vun de Wiselen, deens du mat enger Amicale-Memberskaart kanns mat
"abonnéieren (Pabeier- oder Mailversioun)



2019 Memberskaart

Erënners de dech nach un di schéin Zäiten an de Scouten, un di memorabel Show'en, un di sëllege Camp'en an Hiken a Weekender, sief et zu Boxer, um Kuelbecherhaff, zu Rippech oder wou och ëmmer uechtert d'Land an d'Welt. Un di eenzel Plaze wou mer « gehaust » hunn – am Keller vun der neier Schoul, um Späicher vun der Henri Trauffler Schoul, zu Holzem, am Pavillon ☺, ...

Mir hun esou vill zesumme gelaacht, geschafft, geléiert, Quatsch gemaach, Aktivitéite präparéiert, Konstruktiounen opgeriicht, Theater gespillt, ... a wanns de haut ee vun den ale Scoutskollegen erëmgessäis, da schwätz de iwwert di gutt al Zäit an de Wiselen a meeschtens kënne mer dann nach emol gutt laachen ☺.

Vill vun eise Kanner sinn och an de Scouten an d'Souvenire ginn duerch si rëm opgefrescht, wa si mat blénkegen Aan vum Camp erzielen an d'Box vum Knascht vum selwe stoë bleiwt. Da gi mer mat Momenter melancholesch, wa mer drun denken, wéi eng schéin Zäit mer do erliewt hunn.

Sou wi mir gutt encadréiert waren vu motivéierte Cheffen, esou sinn et haut eis Kanner an nach vill anerer, déi elo dovu profitéieren an esou schéi Momenter erliewen däerfen. Esou wi mir drop ugewise waren, datt mer ënnerstëtzt gi sinn, esou ass et och haut néideg, datt Material ugeschaf gëtt fir di verschidden Aktivitéiten.

Fir déi ze ënnerstëtzen, déi sech haut bénévol engagéieren an d'Responsabilitéit vum Grupp droen an eise Kanner de Scoutsgeescht weiderginn, dozou wëlle mir als **Amicale Mamer Wiselen** bäidroen.

Well mir eis aus verschiddene Grënn net méi aktiv engagéieren, kënne mir esou mat enger **Memberskaart** vun der **Amicale Mamer Wiselen** op eng onkomplizéiert an effikass Manéier d'Mamer Wiselen weiderhin ënnerstëtzen.



Wanns du an der Amicale wëlls Member ginn, a schéi Momenter mat ale Frënn wëlls verbréngen an/oder heiansdo eng Hand mat upaken, oder einfach wëlls de Grupp weiderhinn ënnerstëtzen

✓ dann iwwerweis w.e.g 30 € op de Kont

LU57 0030 6183 1975 0000 vun der BGL

✓ a schéck eis deng Koordonneeën op: amicale@mamerwiselen.lu

✓ So eis an engems Bescheed, ob's du de Wisel wëlls per Post oder per Email geschéckt kréien

2019 Aktivitéiten - SAVE THE DATES !

10. Mee 2019

Nuetsrallye "Lost in the Darkness"

11. Mee 2019

Wisefest (Christi Himmelfahrt fällt dëst Joer an d'Péngschtvakanz, dofir dëst Joer eng Ausnahm !)

Programm wéi gewinnt ☺

29.-30. Juni 2019

NEI - "Back to be SCOUT" – Samsdes Surprise-**Trëppeltuer**

Sonndes **Barbecue** mat der Famill

Oktober 2019

NEI - Soirée Gourmande

Dezember 2019

NEI - Chalet-Hüttengaudi an traditionell Bud um Chrëschtmaart

Den aktuelle Comité

Dani	Schong	President	dschong@pt.lu	621 280 973
Marc	Jentges	Vize-President	mjentges@pt.lu	621 191 565
Caroline	Delleré	Vize-President	caroline.dellere@gmail.com	621 386 561
Laurent	Donckel	Keessier	ld@confisio.lu	621 276 102
Patty	Balk	Secrétaire	pbalk@pt.lu	621 269 501
Alain	Fritsch	Member	fritschko@hotmail.com	691 718 947
Claude	Hamer	Member	hamerc@pt.lu	621 215 812
Franky	Kayser	Member	fskayser@pt.lu	691 433 697
Leslie	Pezzoli	Member	leslie.pezzoli@gmail.com	691 100 580
Sandy	Spielmann	Member	spielsandy@yahoo.de	691 479 348

